LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 5 avril 2013
Réf. N° QP-06/13

Madame la Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L - 2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°2594 du 4 mars 2013 de l'honorable Député Fernand Kartheiser

Madame la Ministre,

Je vous prie de trouver en annexe la réponse conjointe du Ministre de la Justice et du Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région à la question parlementaire sous rubrique.

Je vous prie, Madame la Ministre, de croire en l'expression de mes sentiments très distingués.

François BILTGEN
Ministre de la Justice

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél.: (+352) 247-84537
Fax: (+352) 26 68 48 61
Adresse postale
L-2934 Luxembourg
e-mail: info@mj.public.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Gemeinsam Antwert vum Här François BILTGEN Justizminister an dem Här Jean-Marie HALSDORF Bannenminister op déi parlamentaresch Fro N° 2594 vum Här Deputéierte Fernand KARTHEISER

Geléinten Mammen (gestation pour autrui ob Franséisch) ass a weltwäite Phenomen, deen etlechen Problemer fir di betraffen Persounen matt sech bréngt an deen an Zwëschenzäit zu engem regelrechte Befruchtungstourismus gefouert huet.

Den Informatiounen no déi d'Regierung bei lëtzebuergeschen an auslänneschen Autoritéiten krut, ass keen Fall bekannt wou e Kand vun enger geléintener Mamm op d'Welt gesat gouf an um lëtzebuergeschen „Registre de l'Etat Civil" oder „Registre de la Population" agedroen oder iwwerschriwwen gouf. Deemno gëtt et betreffend der Method vun den geléintenen Mammen weder eng lëtzebuergesch Prozedur nach eng lëtzebuergesch Praxis.

D'Method vun den geléinten Mammen ass an deen meeschten Länner verbueden an nëmmen an enger klenger Minoritéit vun Staaten erlaabt. Lëtzebuerg gehéiert zu deene Länner wou des Method net geregelt ass. Och wann et net ausdrécklech verbueden ass, esou ass d'Method vun den geléinten Mammen dach net legal – an dat wéinst dem Prinzip vun der Disponibilitéit vum mënschlechem Kierper a vum Stand vun den Persounen. Ett kennt derbäi, datt des Method och vum Standpunkt vun der Konventioun Biomedezin problematesch ass. 1997 vum Conseil de l'Europe zu Oviedo adoptéiert, huet d'Regierung 2006 proposéiert des Konventioun ze ratifizéieren (Gesetzprojet n°5528).

D'Regierung « *[…]entend fixer un cadre légal à la fois cohérent et assez flexible pour a) mettre en œuvre la Convention d'Oviedo, b) réglementer la procréation médicalement assistée, c) réglementer strictement, sinon interdire la maternité pour autrui […]* » (Auszuch aus dem Regierungsprogramm vun 2009). D'Regierung ass der Meenung, datt des Method net matt der Dignitéit vun der geléintener Mamm an den Intressien vum Kand zesummegeet. Sie deelt d'Bedenken vun der Commission Nationale d'Ethique (CNE), an och die vun deenen Länner di dees Method verbueden hunn. Vu d'Risiken vun enger Ausbeutung vun der geléintener Mamm, der Kommerzialisatioun vun deser Method an all den Ongewëssheeten di d'Leit ausgesat sinn, huet d'Regierung wëlles des Fro gemäss dem Regierungsprogramm an de Iwwerleeungen vun der CNE ze regelen. De Gesetzprojet iwwert d'Filiatioun, den demnächst ob den Instanzewee wärt goen, wäert och d'Problematik vun den geléintenen Mammen behandelen.

13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél.: (+352) 247-84537
Fax: (+352) 26 68 48 61
Adresse postale
L-2934 Luxembourg
e-mail: info@mj.public.lu

1/6 00144-20041018-FR

Vu d'Problemer ëm d'Rechter vun den geléintener Mammen, dëse Kanner an dësen Eltren, hunn sech international Organisatiounen der Problematik ugeholl. Zenter 2011 schaffen d'Conférence de La Haye de Droit international Privé (matt Setz zu Den Haag) an d'Commission Internationale de l'Etat Civil (matt Setz zu Stroossbuerg) un der Ausschaffung un méiglechen Léisungen an dësen komplexen Froen.